Berdorf	16.00	Chrëschtgottesdéngscht
Junglinster	17.00	Familljemass
Echternach	17.00	Familljemass
Rosport	17.00	Chrëschtgottesdéngscht
Hemstal	18.00	Chrëschtgottesdéngscht
Born	18.30	Chrëschtmass
Beaufort	20.00	Chrëschtmass
Echternach	23.00	Metten
Mompach	23.00	Metten

Freides, 25.12. Chrëschtdag

Girsterklaus	08.30	Hierdemass
Echternach	09.00	Chrëschtmass
Echternach	10.30	Chrëschtmass
Osweiler	10.30	Chrëschtmass
Junglinster	10.45	Chrëschtmass
Echternach	18.30	Chrëschtmass
Echternach	20.00	Messe portugaise

Samschdes, 26.12. zweete Chrëschtdag

Echternach	10.30	Mass fir Stiefesdag
Herborn	10.30	Mass fir Stiefesdag
Echternach Muttergotteskapell	17.00	Owesmass

Christi Geburt, Kirchenfenster Rosport 1952, Künstler unbekannt. © Tom Osborne

Firmung 2026

Freides, den 13. November um 18.00 Auer, ginn an der Basilika 32 Leit vum Weihbeschof Léo Wagener wärend der Mass gefirmt.

Vergiesse mer net, eis jonk Frënn
am Gebiet ze begleeden!

Viens, Esprit du Père,
sois la lumière,
fais jaillir des cieux
ta splendeur de gloire.

Viens, onction céleste,
source d'eau vive,
affermis nos cœurs
et guéris nos corps.

Esprit d'allégresse,
joie de l'église,
fais jaillir des coeurs
le chant de l'Agneau

Fais-nous connaître
l'amour du Père,
et révèle-nous
la face du Christ.

Témoin véridique,
tu nous entraînes
à proclamer:
Christ est ressuscité!

Walking Bells

Eintritt frei

Konzert für Carillon, Schlagzeug und 51 Klangschalen
an der Basilika St. Willibrord, Echternach
Samstag, 31. Oktober 2026, 14 Uhr

Carillon – Anna Kasprzycka
Schlagzeug – Achim Seyler
Klangschalen – 51 SchülerInnen aus Rockenhausen und Echternach

Komposition von Julie Zhu/USA 2024
Ein Gastspiel der Realschule Rockenhausen

150 Joer Becher Kierch

Dir kënnt d'Aarbecht vum Veräin „Eng nei Uergel fir d'Becher Kierch" a.s.b.l. mat engem Don beim Fonds Culturel National ënnerstëtzen. Dir kritt e Certificat, fir dësen Don vun Äre Steieren ofzesetzen.

FONDS CULTUREL NATIONAL
BCEELULL - LU24 0019 4655 0203 7000
Vermierk 2022/113 Uergel Bech

Samschdes, den 21. November
Kiermesmass 150 Joer Konsekratioun vun der Becher Kierch
mam Weibëschof Mgr Léo Wagener
Seenen vun der neier Uergel
uschl. Réceptioun an "Hanner Bra"

Restauratioun vun der gotescher Fënster am Kierchtuerm vu Konsdref

Déi gotesch Fënster mat hirem filigranen Diischelt (aalëtz. fir Fënstersteen) ass en architektonesch wäertvollen Detail um Kierchtuerm vu Konsdref, dee jo zënter dem 6. Dezember 1982 ënner nationalem Denkmalschutz steet.

Iwwer déi lescht Méint gouf dësen Deel vum Tuerm grëndlech restauréiert. A verschiddenen Etappe gouf un den eenzelne Bestanddeeler vun der Fënster geschafft – vum Steen iwwer d'Metallgitter bis bei d'Bleiverglasung. Am Ufank stoung d'Behandlung vum Natursteen am Mëttelpunkt. De goteschen Diischelt aus lokalem Sandsteen war deelweis staark beschiedegt.

D'Firma Thomas Lutgen huet mat der fachgerechter Behandlung vum Natursteen ugefaangen. Parallel dozou gouf d'Fënsterglas ausgebaut, fir et am spezialiséierten Atelier vun der Firma Bauer zu Munneref ze restauréieren.

Uschléissend war d'Metallgitter un der Rei. D'Firma Besenius vu Mäerzeg huet et ofgeschlaff a fir déi weider Behandlung virbereet. Gläichzäiteg goufen d'Aarbechten um Diischelt weidergefouert an d'Konsolidéierungsaarbechten um Natursteen ofgeschloss. Am nächste Schrëtt krut d'Gitter säin neien Ustréch. De leschte grousse Schrëtt war d'Fënsterglas: Ufanks Oktober koum déi restauréiert Fënster vu Munneref zeréck a gouf nees agesat.

Esou huet sech d'Restauratioun iwwer e puer Méint a verschiddene Schrëtt ofgespillt. Haut ass déi gotesch Fënster nees komplett a weist sech mat hirem restauréierten Diischelt, dem opgefrëschte Metallgitter an de restauréierte Fënsterglieser.

Dës Aarbechte sinn e weidere wichtege Schrëtt, fir de wäertvolle Bestand vun der national geschützter Kierch vu Konsdref (Intention de classement du 27 mai 2026) ze erhalen an och fir déi nächst Generatiounen ze sécheren.

E grousse Merci geet un den INPA – Institut national pour le patrimoine architectural – fir déi wichteg finanziell Ënnerstëtzung vun dëse Restaurationns-aarbechten. E Merci geet och un déi bedeelegt Firmen Thomas Lutgen, Besenius an den Atelier Bauer zu Munneref fir hir fachgerecht Aarbecht un den eenzelne Bestanddeeler vun dësem architekurgeschichlechem Ensemble.

Text a Fotoen: *Tanja Konsbrück*

Veräin Kultur & Patrimoine Konsdref (KuPa)

Fënnef Informatiounspanneauen offiziell ageweit

De Freideg, de 25. September 2026, huet de Veräin Kultur & Patrimoine Konsdref (KuPa) op d'Aweiung vun de fënnef neien Informatiounspanneau fir bei d'Kierchegebaier an der Gemeng Konsdref agelueden. Vill Gäscht hunn sech dofir bäi der „Fräier Evangelescher Gemeng Scheedgen" versammelt, fir de gemeinsamen LEADER-Umbrella-Projet offiziell ofzeschléissen.

A senger Begréissung huet de KuPa-President André Kirsch ervirgehuewen, datt d'Kierchen iwwer Joerhonnerten net nëmme reliéis Raim waren, mee och de kulturellen Zentrum vun eisen Dierfer. Hei gouf gebiet, gefeiert, Musek gemaach a Gemeinschaft gelieft. Gläichzäiteg droen dës Gebaier bis haut déi bescht Handwierks- a Konschttraditioune vun hirer Zäit an sech. „Wa mir Konscht a Konschtgeschicht wëlle gesinn, da brauche mir net ëmmer an e Musée ze goen – heiansdo ginn e puer Schrëtt duerch d'Duerf duer." Hien huet erkläert, datt d'Informatiounspanneauen de Visiteuren hëllefen, dëse Patrimoine mat neiem Bléck z'entdecken. Nieft der Geschicht vun de Gebaier weisen si och Detailer an Entwécklungen, déi am Alldag dacks onbemierkt bleiwen.

Bäi der Realisatioun vun de Pannoe gouf sech bewosst fir Lëtzebuergesch an Englesch entscheet. D'Iddi dohannert: Lëtzebuergesch mécht eis Nationalsprooch am

ëffentleche Raum méi visibel, wärend Englesch sech haut mat Hëllef vum Smartphone einfach an déi jeeweileg Mammesprooch vun internationale Visiteuren iwwersetze léisst. Sou bleift um Panno méi Plaz fir Biller, Geschicht an Inhalter. Iwwer Méint goufen historesch Quellen ausgewäert, Fotoen zesummegedroen an neier opgeholl, Texter geschriwwen an d'Inhalter professionell opbereet. D'Pannoe bidden elo Awunner, Schoulklassen an Touristen en einfachen Zougang zur Geschicht vun de reliéise Gebaier an der Gemeng Konsdref.

De President huet och all de Partner Merci gesot, déi de Projet méiglech gemaach hunn: LEADER Mëllerdall, Kulturministère, KA Communication, dem INPA, der Gemeng Konsdref mam Service Technique, dem Oli Glod fir d'Fotodokumentatioun an der „Fräier Evangelescher Gemeng Scheedgen" fir hiren häerzlechen Accueil an dat gemittlecht Zesummesinn. Besonnesch

ervirgehuewe gouf, datt dëst Kierchegebai um Scheedgen am Ufank net als historescht Gebai am Projet virgesi war. Mat sengem bescheidenen Nokrichsstil an dem markante regionale Lëtzebuerger Sandsteen ass et awer e wichtegen Deel vum kulturelle Patrimoine vu Konsdref.
Uschléissend huet d'Anette Peiter vu LEADER Mëllerdall de Gäscht en Abléck an d'Aarbecht vum LEADER ginn. Si huet erkläert, wéi den LEADER-Umbrella-Programm lokal Initiativen ënnerstëtzt an et Veräiner a Gemengen erméiglecht, kulturell an touristesch Projete gemeinsam ëmzesetzen. Dobäi gouf ënnerstrach, datt grad esou Projeten dozou bäidroen, de regionale Patrimoine nohalteg opzewäerten an en och fir zukünfteg Generatioune méi accessibel ze maachen.

Zum Ofschloss huet den Timo Weber d'Geschicht vun der Fräier Evangelescher Gemeng Scheedgen virgestallt. Hien huet erzielt, wéi d'Gemeng entstanen ass a wéi sech d'Kierch zanter hirem Bau 1952/53 zu engem feste Bestanddeel vum reliéise Liewe vun der Gemeng entwéckelt huet.
D'KuPa seet allen Acteuren, Fräiwëllegen a Gäscht e ganz häerzleche Merci fir hir Ënnerstëtzung an hiren Interêt un eisem kulturelle Patrimoine.

September 2026 - NiklosExpo zu Konsdref – e Réckbléck

Ënner dem Titel „Den hellegen Niklos, seng Duerstellungen an Traditiounen zu Lëtzebuerg" huet d'KuPa esou am September eng besonnesch Expo an der Konsdrëffer Kierch organiséiert.
Mee firwat eng Expo iwwer den Niklos am September?" – Dat hunn sech sécherlech déi eng oder aner Leit gefrot, wéi si vun der NiklosExpo an der Konsdrëffer Kierch héieren hunn.

D'Äntwert ass eigentlech ganz einfach – an huet och e bëssen domat ze dinn, datt et ronderëm den Niklosdag an der Konsdrëffer Kierch zimmlech kal ka ginn! Mä virun allem wollt de Veräin Kultur a Patrimoine Konsdref (KuPa) dat zu enger Zäit, wou nach vill Leit an der Regioun ënnerwee sinn, och dëse wichtege Bestanddeel vun eiser Lëtzebuerger Traditioun weisen. A genee dat war och d'Iddi hannert der Expo: d'Lëtzebuerger Niklostraditioun ze weisen, ze erklären an ze vermëttelen. Vill Visiteuren aus dem Ausland sinn nach zu Lëtzebuerg an an der Mëllerdall-Regioun ënnerwee a besichen och d'Konsdrëffer Kierch. Firwat also net dës Geleeënheet notzen, hinnen e Stéck Lëtzebuerger Kultur a Patrimoine méi no ze bréngen?

Iwwer e puer Wochen haten d'Visiteuren d'Geleeënheet, sech mat den ënnerschiddlechen Duerstellunge vum hellegen Niklos, senger Geschicht an de ville Bräich ronderëm den Niklosdag zu Lëtzebuerg ze beschäftegen. Den Niklosdag ass iwwregens zanter dem 29. Juli 2019

am nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg agedroen. Als „liewegt Kulturierwen" geet et dobäi net nëmmen ëm Objeten oder Duerstellungen, mee virun allem ëm Bräich, Erënnerungen, Geschichten a Wëssen, déi vu Generatioun zu Generatioun weidergi ginn.

Besonnesch flott war, datt d'Expo eng Dose Senioregruppen aus der Regioun ugezunn huet. D'Visite gouf dobäi mat engem gemittleche "Kaffiskränzchen" an der Kierch ofgeschloss. Bei Kaffi a Kuch ass et zu engem liewegen Austausch komm: D'Senioren hu vun hiren eegenen Erënnerunge geschwat – wéi si den Niklos an hirer Kandheet erlieft hunn, wéi d'Traditiounen deemools gefeiert goufen a wat sech am Laf vun de Joren dorunner geännert huet.

Genee esou en Austausch mécht d'Iddi vum immaterielle Kulturierwe lieweg: Et geet net nëmmen ëm eng Ausstellungs, mee virun allem ëm d'Wëssen, d'Erënnerungen an d'Traditiounen, déi vu Mënsch zu Mënsch a vu Generatioun zu Generatioun weidergi ginn.

D'Offer vu pedagogesche Visitte fir Schoulklassen huet leider net déi erwaarte Resonanz fonnt.

Nieft de geplangte Gruppe sinn ëmmer nees Touristen an eenzel Visiteuren an der Kierch a Rou duerch d'Expo getrëppelt. Den Interessi war esou flott, datt d'Ausstellung bis Enn September verlängert gouf.

E besonnesche Moment war de Kiermesweekend zu Konsdref. Vill Interesséierter hunn d'Geleeënheet genotzt, fir d'Expo ze besichen. Een Austauschgrupp vun Nazaré aus Portugal war zu Besuch. D'Gemeng Konsdref huet eng Partnerschaft mat der portugisescher Stad, an esou konnt och dëse Besuch e flotte kulturellen Austausch mat der lëtzebuergescher Patrimoine- a Niklostraditioun verbannen.

D'Expo huet domat net nëmmen Informatioun vermëttelt, mee och Erënnerungen, Geschichten an Traditioune matenee verbonnen. Virun allem den Austausch tëscht de Generatiounen huet gewisen, wéi staark den hellegen Niklos nach ëmmer an den Erënnerunge vu ville Leit verankert ass – a wéi sech Traditiounen dobäi mat der Zäit veränneren.

D'KuPa seet dofir e grousse Merci un all déi, déi zum Gelénge vun der NiklosExpo bäigedroen hunn. E besonnesche Merci geet un d'Madamm Laure Simon, zesumme mat der Madamm Danielle Mertes vun der Erwuessebildung, an natierlech un all déi fläisseg Hänn am Hannergrond, déi bei der Preparatioun, der Organisatioun an der Begleedung vun der Expo matgehollef hunn.

E Projet, dee gewisen huet: Patrimoine lieft virun allem dann, wann en erzielt, gedeelt a weidergi gëtt.

Text a Fotoen: KuPa

Réckbléck op d'Table Ronde „Eis Kierchen am Wandel – Tësche Traditioun an neien Notzungen?"

Am Kader vun der Ouverture vun der temporärer Niklosexpo an der Kierch vu Konsdref hat de Veräin Kultur a Patrimoine Konsdref (KuPa) den 11. September 2026 op eng Table Ronde mam Titel „Eis Kierchen am Wandel – Tësche Traditioun an neien Notzungen?" invitéiert.

D'Fro, wéi sech eis Kierchen, hir Roll an der Gesellschaft an och hir Notzung am Laf vun der Zäit verännert hunn, huet vill Leit interesséiert. D'Kierch ass dobäi net nëmmen als sakraalt Gebai betruecht ginn, mee och als en Deel vun eiser Geschicht, eiser Kultur an eisem gemeinsame Patrimoine.

Moderéiert gouf den Owend vum André Kirsch (KuPa). D'Mme Simon Laure (ErwuesseBildung) huet d'Nolauschterer an d'Niklosexpo agefouert. Bäi der Table Ronde hunn André Bauler (Deputéierten, DP), Fränk Dimmer (Pastoralassistent), Pol Ewen (Lëtzebuerger Denkmalschutzfederatioun), Elisabeth Koltz (INPA) a Félix Steichen (Paschtouer Par Miersch) hir jeeweileg Siicht op d'Thema matabruecht an d'Diskussiounsronn mat hirem

jeeweilege Wëssen an hirem eegene berufflechen a gesellschaftlechen Hannergrond beräichert.

Ugefaangen huet d'Diskussioun mam legalen Hannergrond vun der Trennung vu Kierch a Staat an den Entwécklungen, den dat mat sech bruecht huet. De Fränk Dimmer huet mam flotte Beispill vun der flexibeler Notzung vun der Hueschterter Kapell (Gemeng Rammerech)der Ronn an och dem Public eppes Konkretes gewisen. De Fokus loung dobäi ëmmer, wéi kann en d'Gebai als gebautent a konschtgeschichtlecht Ierwen an awer och de sakrale Raum gläichermoosse respektéieren. Wat bitt den Denkmalschutz un Hëllefen an Aschränkunge bei der Ëmgestaltung a wat fir Verännerunge loossen sech mat der liturgescher Notzung akzeptéieren? Dës Froen a vill méi konnten aus reliéiser, sozio-kultureller oder politescher an denkmalpflegerescher Siicht beliicht ginn.

E Gedanken opgeworf vum Pol Ewen ass besonnesch hänkebliwwen: Mir sollten d'Kierchegebaier emol rëm méi schätzen als eis kulturell a konschthistoresch Zentren. Néirens anescht kréie mir an eisen Dierfer a Stied esou konzentréiert dat bescht gebueden, wat vergaange Generatiounen un Architekten, Steemetzer, Konschthandwierker asw, eis op enger Platz konzentréiert hannerlooss huet. Dat kréie mir a kengem Centre culturel gebueden.

Besonnesch erfreelech war, datt Leit aus dem ganze Land de Wee an d'Kierch op Konsdref fonnt hunn an dem Gespréich mat grousser Opmierksamkeet nogelauschtert hunn. D'Table Ronde war domat net nëmmen eng Diskussioun um Podium, mee och eng Invitatioun, fir selwer nozedenken an d'Gespréich iwwert eis Kierchen an hir Zukunft weiderzeféieren.

Ofgeschloss gouf deen Owend mat engem Patt, offréiert vun der KuPa. An entspaanter Atmosphär gouf nach déi eng oder aner Iddi aus der Table Ronde opgegraff, goufen Andréck ausgetosch an d'Gespréicher an engem méi informelle Kader weidergefouert. Genee dësen direkten Austausch huet gewisen, datt esou en Owend net nëmmen um Podium stattfënnt, mee och duerno tëscht de Leit weiderlieft.

Kultur a Patrimoine Konsdref seet alle Participanten alle Leit, déi dësen Owend mat hirer Präsenz an hirem Interessi bereet hunn, e grousse Merci.

Text a Fotoen: KuPa

Mompach (Mompech)

No Méischdref mat senge Wëllef féiert de Fotostour duerch ons Por ons de Bierg erop op Mompech bei d'Fräschen. Fir vill vun den Dierfer an onsem Streech gëtt et e Spëtznumm fir hier Leit. Wien op Mompech kënnt gesäit d'Kléngelbaach matten duerch d'Duerf fléissen. Déi fiicht Wise ronderëm, wou d'Waasser gäre stoe bleift, sinn déi ideal Tummelplaze fir dës Déiercher. Esou erkläert sech dëse Spëtznumm fir déi Mompecher vum selwen.

„Sehr alt" schreift de M. Michels an „Die Geistlichen Luxemburgs seit 1801" iwwert d'Por Mompech, déi bis zur Strukturreform 2017 aus den Dierfer Mompech a Giwenich bestan hat. Bis 1808 haten och Hierber a Jokesbierg zur Por geheiert. Haut sinn all déi Uertschafte mat nach villen aneren an där enger Por Regioun Iechternach St. Willibrord zesummegeféiert. D'Kierch ass dem hellege Rémi / Remigius geweit, de Bëschof vu Reims, deen ëm 498 de Frankekinnék Clovis / Chlodwig gedeeft hat.

Zu Mompech gesäit een nach haut wéi fréier d'Kierchen an de Lëtzebuerger Dierfer ausgesouchen ier an der zweeter Hallschent vum 19. Joerhonnert an onsem Land ganz vill nei, méi grouss Gotteshaiser gebaut gi sinn. Zu Mompech wor dat net néideg. Vläicht woren och an deem klenge Bauerenduerf net déi finanziell Mëttel do. Esou hu mir hei en zimmlech kompakte Bau, dee just ëm ee Joch, d.h. deen Deel mat der Entrée an der drëtter Kiercheféns-ter, vergréissert gouf. Deemools koum dunn och e neie Kierchtuerm a Form vun engem Dachreiter, an deem déi zwou historesch Klacken vun 1737 an ca. 1450 hänken. Un der viischter Fassade erënneren zwou eise Verankerungen a Form vun enger 6 a 5 un den 1. Oktober 1865, wéi déi erweidert Kierch konsekréiert ginn ass. An enger Nisch steet eng Statue vum hellege Jousef. 1892 ass eng Sakristei ugebaut ginn.

De Buedem mat geluechte Motiver aus Waasserbëlleger Plättercher, déi hell hëlze Bänken, déi natierlech beloosse stenge Säitenaltär aus der Barockzäit mat hire fuerwege Statuen, den Héichaltor mat détailräiche Reliefer vun der Brotvermehrung an der Hochzäit vu Kana, d'Kommiounsbänk, ma och deen aus alen Elementer nei ugefäerdegten Altor zum Vollek an den Ambo aus der Berbuerger Schräinerei Kersch, an déi einfach gehalen hell Fënstere, ginn dem Raum eng waarm Atmosphär.

Un d'Rousekranzbrudderschaft, déi schonn ëm 1730 bestanen hat, erënnert eng Schrëft um rietse Säitenaltor mat de Statue vun der hellege Famill, wéi och um lénke Säitenaltor d'Statue vun dräi hellege Membere vum Dominikaneruerden, hire Grënner Dominkus mat sengem Mupp, d'helleg Katherina vu Siena, déi d'Muttergottesstatue flankéieren, an uewendriwwer

den hellege Péiter vu Mailand. D'Statue vu Maria ass déi vun der apokalyptescher Fra mam Mound zu Féissen, esou d'Gnodebild vun eiser Tréischterin am Leed an der Kathedral ouni hiert wäertvollt Gezei ausgesäit.

Zur Kathedral hat eist Duerf jo laang eng besonnesch Relatioun. E gebiertege Mompecher Geeschtlechen, de Chanoine Nicolas Wirtz, wor vun 1972 bis 1992 Paschtouer vun der Kathedral. Seng Haushälterin Ketty an hien hunn Ufanks den 2000er Joren dës Figur fir Mompech gestëft. An de Wirre vum II. Weltkrich hat Mompech 1942 e besonnescht Fest ze feieren. Obschonns de Paschtouer sech kuerz virdrun an der Porchronik ausgelooss hat „Das Dorf ist traditionnel katholisch, in Wirklichkeit vermaterialisierend, und ein verinnerlichtes Christentum fehlt ganz" goufen 1942 zwee Jongen aus der Por zu Priister geweit a konnten a hirer Heemecht Duebelprimiz feieren: de Nicolas Wirtz an den Adolphe Ernzer, dee vläicht nach verschiddener vun onse Parbrieflieser als Paschtouer vu Konsdref erlieft haten.

Mompech wor an de 1950er Joren eng vun deenen éischte Poren zu Lëtzebuerg, déi keen eegene Paschtouer méi kruten. D'Duerf wor net besonnesch grouss. Vu datt fir d'Kapell vu Givenich an déi meeschte Leit do de Prisongsaumônier zoustänneg wor, an de Nopeschpaschtouer Nic Godfroid, de „Burer Néckel", schonns deemools en Auto hat, gouf him nieft der Burer Por och d'Por Mompech uvertraut.

Eng speziell Episod aus der Mompecher Kierchegeschicht soll hei schrëftlech festgehale ginn. Verschidden al Mompecher hate mir am Ufank, wéi ech hei Paschtouer ginn si, verzielt: An hirer Kandheet hat ee vu menge Virgänger an der Andacht virum ausgesaten allerhellegste Sakrament, also virum an der Eucharistie realpräsente Jesus, d'Por verflucht. D'Temoignage stëmmen iwwertenaner. An deem Joer no där Verfluchung wor dunn och aus all Haus ee gestuerwen. Dat an engem Duerf, wat deemools keng 20 Haiser hat a wou bis haut just all dräi bis véier Joer ee Begriefnis ass. Leider weess ech weder de Numm vum Geeschtlechen nach d'Joer, wéini dat wor. Haut kann een déi Leit net méi froen. Sollte Lokalchronisten eppes méi wëssen, Merci fir all Matdeelung! Wéi schonns uewen ernimmt begéinen engem an der Porchronik e puer mol Notize vun engem ganz onzefriddene Mompecher Här am II. Weltkrich. Gott sei Dank ass dat Geschicht.

Haut sinn déi Mompecher Fräsche ganz feiner. Hiren zoustännege Paschtouer aus dem Pastoralteam verflucht si och net. Dir kënnt iech gäre selwer dovun iwwerzeegen, wann eemol am Mount Samschdesowes Mass an der Kierch ass oder niewendrun am ale Keller vum fréiere Paschtoueschhaus, eng Zäit och d'Gemeng, de Bistrot vum Gesangveräin an de Mompecher Fräschen op ass.

Text a Fotoen: *Luc Schreiner*

Fassade-Restauratioun vun der Roudemer Kierch

D'Roudemer Kierch, déi viru laanger Zäit rustikal mineralesch nei verbotzt gouf, war elo esou verschmotzt, datt mir eng professionell Botz geplangt hunn. Well dës Kierch national geschützt ass, konnte mir als Kierchefong d'Decisioun net eleng huelen. Den INPA, dee fréiere *Sites et Monuments*, hat no enger längerer Prozedur eng gesamt Restauratioun vun der Fassad proposéiert: Gerüst, Ofwäschen mat Drock, Rëss a Feeler am Botz flécken, Ustrach vum Botz, den Encadrementer an de Pilieren an enger anerer Faarf.

Déi Roudemer Kierch ass an hirer architekturaler Conceptioun eng kleng Schwëster-Kierch vu Jonglënster. Dofir sinn déi nei Faarwen un déi historesch Faarwen vun der Lënster Kierch ugepasst ginn. Zousätzlech sinn d'Schall-Lucken, d'Dier am Tuerm an d'Fënstere mat der Bläiverglasung restauréiert oder erneiert ginn. Esou ass eis ursprünglech Botzaktioun ee groussen Optrag ginn, dee mat klengen Daachreparaturaarbechten eis elo ronn 100.000 EUR kascht.

Well d'Kierchefabréck Lënster awer 8 Kierchen huet, déi mussen an der Rei gehale ginn, ass esou eng Ausgab schwéier ze droen. Wa Leit sech ugesprach fille fir eis Kierchen als Patrimoine mat ze ënnerhalen, wäre mir frou iwwert all kleng Hëllef.

Wann Dir eis Aarbecht finanziell ënnerstëtze wëllt, da kënnt Dir dat gäre maachen, andeems Dir en Don iwwerweist op de Compte:
LU85 0090 0000 0017 5497 (CCRALULL)
CGP14 / FE54
oder op de steierlech ofsetzbare Compte
LU64 1111 7017 0305 0000 (CCPLLULL)
Fondatioun Ste Irmine
mat der Mentioun: "Église Rodenbourg"

Text a Fotoen: *Camille Reuland*



Concerten an eisen Kierchen

21.11. | 20.00 | Burer Kierch
Wanterconcert Burer Musik

05.12. | 20.00 | Buerglënster Kierch
Concert Bierger Musek

06.12. | 15.00 | Basilika
Concert Voices International

12.12. + 13.12.| 19.00 | Guedber Kierch
Concert Mandoline "La Lyre"

13.12. | 17.00 | Lënster Kierch
Chrëschtconcert Lënster Ouerewierm

15.12. | 17.00 | Lënster Kierch
Chrëschtconcert Iechternacher Musikschoul

18. 12. | 20.00 | Basilika

„Singende, klingende Basilika“

César Franck: Pastorale op 19 (Uergel) | Grégorianik: Puer natus est nobis
Patrick Colombo: Advents- Chrëschtdag Kantate |
Cecilia McDowell: Christus natus est | John Rutter: Christmas Carols

- Uergel: Jos Majerus,Titularorganist vun der Basilika
- Basilikachouer Eechternoach (Dir.: Marc Juncker)
- Chorale Berdorf-Consdorf (Dir.: Daniel Lang)
- Chorale "Eurocantica" (Dir.: Daniel Lang)
- Orchester « Estro Armonico » (Konzertmeister: Guy Goethals)

Dirigenten: Marc Juncker & Daniel Lang

26.12. | 17.00 | Gonnerenger Kierch
Benefizconcert Divertimento

Concert en l'honneur de St Willibrord

Récital d'orgue par Jos Majerus

Mardi 10 novembre
20h00 Basilique St Willibrord

Programme

John Stanley (1713-1786)	Voluntary in e minor
Percy Whitlock (1903-1946)	Folk Tune (from « 5 Short Pieces, 1989 »)
John Alcock (1715-1806)	Voluntary in D
Olivier Messiaen (1908-1992)	Joie et clarté des corps glorieux (1939)
Charles-Marie Widor (1844-1937)	« Andante sostenuto » de la Symphonie Gothique
Léon Boëllmann (1862-1897)	Deuxième Suite op.27 *- Prélude pastoral* *- Allegretto con moto* *- Andantino* *- Final-Marche*
Dom Paul Benoît (1893-1979)	Elévation pour le SANCTUS de la Messe IV *(Le thème de la Pédale rappelle l'hymne des Vêpres de la Fête de la Toussaint)*

Entrée libre

Lënster Kierch

15.11.26

Récital d'orgue
17:00
Jonglënster Kierch

Laurent Felten

Programm:
J. Alain
J.S. Bach
D. Buck
M. Duruflé
E. Elgar
J. Sibelius

Entrée : 25€ (Enfants & étudiants gratuits)
Eintritt: 25€ (Kinder und Studenten gratis)

Reservierungen nur durch Anruf unter:
Réservations uniquement par appel au :
(+352) 621 375 295

Fir méi Informatiounen :
Pour plus d'informations :
LensterKierch.lu

org: **D'Frënn vun der Lënster Kierch**

Dëst & dat...

Parbüro

während der Willibrordus-Oktave as de Parbüro vun Dënschdes 10.11. bis Samschdes 14.11. just moies op vun 10.00-12.00 Auer. Mëttes ass zou.

Durant l'octave en l'honneur de St Willibrord. le bureau paroissial est fermé les après-midi du mardi 10.11. au Samedi 14.11.

Eechternoacher Massdéiner

Stäerenaktioun 2. Adventssonndeg 6. Dezember
Och dëst Joër kënn' Dir nees de aarme Kanner a Latäinamerika eng Freed maachen, andeems dir e Stäer vu Pro Ninos Pobres kaaft. Symbolesch fir d'Deelen, dekoréieren dës Stäeren d'Chreschtbeem an der Basilika. Verkaf fir a no de Massen.

Chrëstmoart
D'Eechternoacher Massdéiner invitéieren Iech och dëst Joer op hiere Stand um Chrëstmoart, den **11. - 13. Dezember**. Mir waarde mat eisen traditionelle Spezialiéiten - Knippercher, Cre-19, Roséglühwäin, Chreschtbéier, Chreschtkaarten, etc. - op Iech!

Adventsfënster Iechternach

D'Fraen a Mammen Iechternach décoréieren eng Adventsfenster am Kaplounshaus. Wann Dir an d'Basilika gitt (bei der Trap zur Parkplaz Decker hin), da bleift een Ablack stoen a kuckt iech déi schéin Fënster un.



OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF absl. soutient

Action paquets de Noël pour familles nécessiteuses en Roumanie et en Ukraine du 01. - 15. 11.2026

de ***„Kanner an Familljenhëllef asbl.“*** ***(Aide aux enfants et aux familles)***
RCS: F10515 Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm Tél.: 661 309 320
CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000

Gratis Këschte gëtt et vum 1. November un op de Sammelplazen an an de Kierche vun der Par Regioun Iechternach St Willibrord.
Cartons gratuits aux points de collecte et dans les églises de la « Paroisse Regioun Iechternach St Willibrord » à partir du 1er novembre 2026.

Wgl d'Këschte mat deenen hei ënnen opgelëschte Saache fëllen.
Les paquets devront contenir les denrées alimentaires/objets suivants :

1 kg Zocker/sucre
1 kg Miel/farine
1 kg Räis/riz
1 kg Spaghetti/spaghettis
1 kg Schmull/semoule de blé
500 g Margarinn/margarine
250 g gemuelene Kaffi/café moulu
Friichtentéi/tisane aux fruits
Kichelcher/biscuits
2 Fëschkonserven/conserves de poisson
250 g Bak-Kakao/cacao nature
400 g Schockela/chocolat Kamellen/bonbons
3 Päck Bouillonsküben/paquets de bouillon en cube
4 Päckelcherszoppen/sachets de soupe déshydratée
2 x Vitaminbrausetabletten/comprimés effervescents de vitamines
1 Chrëschtkaart/carte vœux pour Noël

Aplaz eng gefëllte Këscht ofzeliwweren, kënnt Dir och en Don (40 € pro Këscht) u „Kanner an Familljenhëllef asbl.“ iwwerweisen. All aner Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken ass wëllkomm.
Au lieu de remettre un carton rempli vous pouvez faire un Don de 40,- €/paquet à « KANNER AN FAMILLIENHËLLEF asbl. ». Tout autre don pour couvrir les frais de transport est le bienvenu.

CCPLLULL : LU61 1111 7038 8755 0000

Gesammelt ginn ausserdeem a guddem a propperem Zoustand :
On accepte aussi les objets suivants en état correct et propre :

waarm Decken/couvertures chaudes
Spillsaachen/jouets
Buggyen/ poussettes komplett Kannerkutschen/ landaus complets
Kannerbetter mat Matrass an Decken/lits pour bébés avec matelas et couverture
Kannervëloen/vélos pour enfants

Mir soen Iech am Viraus e ganz häerzleche Merci.
Nous vous remercions chaleureusement.

Sammelplazen/Points de collecte :

ORIGER JEMP	56, rue Hicht Consdorf	☎ (691) 79 08 09
BUREAU PAROISSIAL	12, Porte St Willibrord Echternach	☎ 72 01 49

Wallfahrt fir Jugendlech a jonk Erwuessen

an der Willibrordusoktav

Dënschdes 10.11. | Basilika | 18.00 Auer

Jugendmassen

fir all Jonker

Sonndesowes | 18.30 | Basilika

13.12.26 - 10.01.27

Firmtreffen

Virbereedung fir Jugendlech op d'Firmung

Iechternach Basilika | 18.00
17.11.26 - 15.12.26 - 19.01.27

Lënster Parzentrum (15, rue du Village) | 18.00
24.11.26 - 22.12.26. - 26.01.27

Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet, ☎ 26720376
Parbüro: ☎ 720 149 💻 iechternach@cathol.lu

Gottesdéngschter fir Kanner

- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Rouspert** an der Kierch Méindes 18.00 Auer Kannergottesdéngscht

An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdéngschter

Kannergottesdéngscht Willibrordus-Oktave

All Kanner sinn häerzlechst invitéiert,
zesummen mat hiren Elteren, Famill a Frënn.

Mëttwochs 11. November | 18.30 | Basilika

Seenen vun de klenge Kanner

De Willibrord ass de Patréiner vun de Kanner, dofir sinn och déi ganz Kleng (0-6 Joer) an hir Familljen an hir Frënn häerzlechst invitéiert an der Willibrordusoktave.

Donneschdes 12. November | 17.00 | Krypta

© Luc Schreiner

Dat (Vir-) Lescht

KI immer menschlicher!

„Wer von euch in den Himmel kommen will, soll die Hand heben!", sagt die Kindergärtnerin. Alle heben die Hand, nur Lorenz nicht. „Warum willst du nicht in den Himmel?", fragt die Kindergärtnerin erstaunt. „Ich kann nicht mitkommen. Meine Mama hat mir streng aufgetragen, dass ich vom Kindergarten gleich nach Hause kommen soll!"



Singende, klingende Basilika

18/12/26
20 Auer
an der Basilika

Basilikachouer Eechternoach : Dir. Marc Juncker
Chorale Berdorf-Consdorf : Dir. Daniel Lang
Chorale „Eurocantica" : Dir. Daniel Lang
Orchester „Estro Armonico" : Dir. Guy Goethals
Titularorganist vun der Basilika : Jos Majerus

Entrée : 20,00€
Jugendlecher < 27 : 10,00€

Luxembourg ensemble vocal eurocantica

Chorale

BASILIQUE ST. WILLIBRORD ECHTERNACH

BASILIKA CHOUER eechternoach